ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 3. Juli 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt et virkënnt, datt bei Persounen, déi doheem stierwen, post-mortem Ofstrécher gemaach ginn, fir si op de COVID-19-Virus ze testen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Am Fall, wou Persounen doheem post-mortem op de COVID-19-Virus getest ginn: Wien ordonéiert dës Tester?
2. Ginn déi genannten Tester systematesch bei doheem verstuerwene Persoune gemaach oder éischter stéchprouwenaarteg?
3. Hunn déi bis dato duerchgefouert post-mortem Tester schonn nenneswäert Resultater erbruecht? Sinn an deem Zesummenhank scho Statistiken erstallt ginn?
4. Wa jo, wéi eng Resultater erginn sech aus deene Statistiken?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**